ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Abrëll 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister, un den Här Staatsminister an un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°4010 vum Fred Keup iwwert Broschüre vum Gesondheetsministère, déi an de Sproochen Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch veröffentlecht goufen, allerdéngs net op Lëtzebuergesch, präziséiert d'Madamm Gesondheetsminister:

"Den Gesondheetsministère ass net der Meenung, dass d'Lëtzebuerger doduerch diskriminéiert sinn, well d'Lëtzebuerger, am Allgemengen, op mannst eng vun dëse Sprooche gutt beherrschen." An därer Logik wier et jo deemno och an Zukunft net méi noutwenneg, iwwerhaapt nach offiziell Publikatiounen, ewéi z.B. Formulairen, op Lëtzebuergesch erauszebréngen. Parallel dozou gëtt d'Regierung vir, d'Lëtzebuergescht méi förderen ze wëllen, z.B. am Hibléck op den ominéise 40-Punkten-Plang fir d'Lëtzebuerger Sprooch.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Am Fall wou offiziell Publikatiounen och an Zukunft net méi op Lëtzebuergesch erausbruecht solle ginn: Steet dëst net am Widdersproch zum scheinbar geplangte Färdere vun der Lëtzebuerger Sprooch, z.B. duerch den Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch?
2. Misst et an den Ae vun der Regierung an am Hibléck op den Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch net en Automatismus sinn, fir offiziell Publikatiounen ëmmer och an der Nationalsprooch Lëtzebuergesch erauszebréngen? Wa jo, gedenkt d'Regierung hir Kommunikatiounspolitik, wat d'Sproochen ugeet, an Zukunft ze iwwerdenken? Wann nee, firwat net?
3. Ass de Fakt, datt eng offiziell Publikatioun esou guer an enger net-administrativer Sprooch erausbruecht ginn ass, awer net op Lëtzebuergesch, an den Ae vun der Regierung net en Aushielege vum Engagement fir d'Lëtzebuerger Sprooch?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten